ACTIOUN LËTZEBUERGESCH – EIS SPROOCH a.s.b.l.

20, Conter Strooss • L-5955 Izeg • (+352) 47 06 12 • actioun@letzebuergesch.lu • www.letzebuergesch.lu
CCPLLULL IBAN LU75 1111 0066 4448 0000 • BCEELULL IBAN LU52 0019 1000 7250 4000
Gegrënnt 1971 • Vereenegung ouni Gewënnzweck • N°RCS: F5361

# Aktivitéitsrapport vum Joer 2025

## Versammlungen:

- D'Generalversammlung war den 19. Abrëll 2025 zu Mutfert am Jugendhaus. Wéinst de Statutenännerunge gouf et direkt duerno eng aussergewéinlech Generalversammlung, esou datt eis Statuten un d'asbl Gesetz vun 2023 ugepasst konnte ginn. Et sinn och Klausele bäigesat ginn, déi et méiglech maache fir op der Generalversammlung iwwer eng Prokuratioun ofzestëmmen a Sëtzunge vum Verwaltungsrot iwwer Videokonferenz ofzehalen.
- De Comité ass am Joer 2025 6 Kéieren zesumme komm: 11.03.2025, 30.04.2025, 30.05.2025, 18.07.2025, 25.09.2025, 18.11.2025.

## Aktiounen:

- 07.02.2026: D'AL hat zu Izeg e Gespréich mam Sproochecommissär Pierre REDING.
- 12.08.2025: D'AL huet den neien Direkter vum ZLS, den Alexandre ECKER zu Stroossen beim ZLS, besicht. De Verwaltungsrot gouf vum Claude BACHE, Lex Roth, Patrick EHLERINGER a Patrick KAELL vertrueden.
- 26.09.2025: Fir den éischten Dag vun der Lëtzebuerger Sprooch huet d'AL bei der Bäckerei Schiltz 500 Kichelcher mam Numm „Lëtzi“ fir 5€ d'Stéck bestallt. Déi Lëtzi'e sinn an de Bäckereie Schiltz zu Maacher an zu Nidderaanwen gratis un déi Client'e verdeelt ginn, déi op d'mannst 1 Wuert op Lëtzebuergesch gesot hunn. Bei där Geleeëenheet ass gefilmt ginn, an d'Material ass benotzt gi fir op de soziale Medie Kuerzfilmer ze publizéieren.
- 29.11.2025: D'AL ass op de Chrëschtmaart filme gaange fir Kuerzfilmer ze produzéieren.

## Manifestatiounen:

- 25.01.2025: Op eisem Neijooschpatt zu Éiter ass d'Sëlwer Plackett „Dicks-Rodange-Lentz“ un de Luc MARTELING iwwerreecht ginn, deen als éischten Direkter den ZLS (Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch) opgebaut huet an do vill Asaz gewisen huet. RTL war fir e Reportage op der Plaz.
- 15.11.2025 a 16.11.2025: Mir waren op de Walfer Bicherdeeg nees mat engem eegene Stand an der Hal 2 vertrueden. Mir hunn 38 Bicher am Wäert vu 488,40€ verkaf. De Lex ROTH huet op de Walfer Bicherdeeg e Concours mat Geldpräis organiséiert: d'Leit hu misse fir 20 Punkten 10 Sätz vum Lëtzebuergeschen op Däitsch a Franséisch iwwersetzen. Déi 5 Gewënner krute 2 Mol 500€ fir 2 Mol den 1. Präis, 300€ fir den 3. Präis, 200€ fir de 4. Präis an 100€ fir de 5. Präis iwwerwisen.

## Gratis Servicer:

- Permanenten Telephonsservice fir dem Public op all Froen iwwer d'Lëtzebuerger Sprooch ze äntweren: Orthographie, Grammaire, Geschicht, asw. Dee selwechte Service gouf och iwwer E-Mail a Facebook ugebueden. →

**Interviewen / Press:**

- Publikatioun vun 10 ganzsäitege Rubricken „Eng Klack fir eis Sprooch" am Luxemburger Wort an am Tageblatt: 04.01.2025, 01.02.2025, 01.03.2025, 05.04.2025, 05.05.2025, 07.06.2025, 06.09.2025, 04.10.2025, 08.11.2025, 06.12.2025.
- 25.01.2025: Artikel op RTL.lu a Reportage op RTL Tëlee iwwer eisen Neijooschpatt 2025 an der Iwwerreechung vun der Sëlwer Plackett „Dick-Rodange-Lentz" un de Luc MARTELING.
- 12.02.2025: Vum Februar 2025 u verzielt de Lex ROTH um Radio RTL all Woch eng „Schnok".
- 01.03.2025: Vum Mäerz 2025 un, këmmert sech d'Luxemburger Wort net méi ëm de Layout vun „Eng Klack fir eis Sprooch", d'AL bezilt e Graphiker fir déi Aarbecht ze maachen a liwwert de fäerdege Layout un d'Luxemburger Wort.
- 06.12.2025: Déi lescht Klack déi quasi ganz vum Lex ROTH geschriwwe ginn ass, gouf de 6. Dezember 2025 publizéiert. De Verwaltungsrot iwwerhëlt vum 3. Januar 2026 un d'Redaktioun vun der Klack. De Lex wäert awer nach eenzel Bäiträg fir d'Klack schreiwen.

**Verlag / Publikatiounen:**

- Verkaf a Liwwerung vu lëtzebuergesche Bicher aus eisem Verlag: am Ganze goufen am Joer 2025 507 Bicher am Wäert vu 7572,70€ (Verkafspräis ouni Reduktioun fir Butteker) verkaf. Den Erléis war 5108,77€.
- D'Buch „Eiser Lidder" ass 2024 intensiv verbessert an iwwerschafft ginn. Et sinn am Joer 2025 1000 Exemplaren nogedréckt ginn.

**Kommunikatioun:**

- Eng Kéier am Joer verschécke mir op d'mannst e Bréif mat der Memberskaart un eis 996 Memberen.
- Sozial Medien: Op Facebook hu mir elo 3955 Follower, op Instagram 369 Follower an op Twitter/X 303 Follower. Eis Poste gi reegelméisseg vun iwwer 10.000 Leit gesinn.
- Mir hunn eng Mailinglëscht mat 982 E-Mail Adressen opgebaut.
- Zënter 2025 huet d'AL eng Kooperatioun mat der Firma ClipNow.ai fir Kuerzfilmer ze schneiden, Ënnertitel ze setzen a se op Facebook, Instagram, Youtube an TikTok ze publizéieren.

**Verschiddenes:**

- 30.04.2025: D'AL krut op eegene Wonsch iwwer en arrêté grand-ducal d'utilité publique ewech geholl. De Grond dofir ass dat neit asbl Gesetz.
- Mir hunn en Agrement mam Focuna (Fonds Culturel National). Wann d'Leit der AL iwwer de Focuna en Don maachen, kënne si den Don nach ëmmer vun de Steieren ofsetzen, och ouni „utilité publique".

**2026:**

- Et sinn 2000 Exemplare vum Buch „170 Witzer" fir 3450€ ouni TVA nogedréckt ginn. De Verkafspräis ass 11€, eis Membere kruten mat der Invitatioun fir d'Generalversammlung een Exemplar gratis heem geschéckt.
- Et si 500 Exemplare vun der 50 Joer Broschür nogedréckt ginn.
- Et ginn 1500 Exemplare vum Buch „Verbentabellen op Lëtzebuergesch" (Editioun op Franséisch) 3696€ ouni TVA nogedréckt.
- 19.03.2026: Gespréich zu Izeg tëscht dem Verwaltungsrot vun der AL an dem Sproochecommissaire Pierre Reding.
- 06.04.2026: D'AL war dëst Joer mat enger Kamera op der Éimaischen, fir de Leit e puer Froen iwwer eis Sprooch an eis Gebräicher ze stellen.
- 26.04.2026: D'AL war zu Biwer um Bichermaart nees mat engem eegene Stand vertrueden.